Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

Bericht vum Fernand Schmitt vum 19.09.2024

Training haut an der Box 6 Secteur A. Et gëtt net besser, Fësch si ganz wéineg ze fänken. Et si wuel Natiounen do déi nach vereenzelt Wäissfësch fänken, kleng bis richteg déck Routaen, an och vereenzelt Bréissemen. An da kommen nach déi grouss Pénichen derbäi. Da kritt een mol en puer Touchen ob der 13 Meter Bunn, an dann ass dat och nees schnell gedoen.

Haut hunn bei eis an der Box den gréissten Deel vun den Fëscher nëmmen ob Grondel trainéiert. Mee och do ass et ganz schwiereg reegelméisseg Touchen ze kréien. Eis bleift nach muer, fir eventuell Grondel nach eng Kéier duerchzegoen. Wat Fëscherei dobaussen ubelaangt, mussen mer dann gemeinsam den Kapp zesummen strecken wat fir eng Taktik een do ugeet.

Box 8 Secteur B.

Ze ernimmen ass och nach dass déi Schwäizer Equipe an der Nuecht an Autoen agebrach kritt huet an dass Staangen vun 3 Fëscher geklaut goufen. An dem e belsche Fëscher dee wärend hirer Mëttegpaus eng Staang ob der Streck geklaut kruten.

Den Owend ass Eröffnungsfeier zu Béthune.